

# newsmag



N 282 | JULI 2025

Zweesprochege Buet | Bulletin bilingue



# Index

## Eis Gemeng. Notre Commune.

**Awunner** | Habitants | 11.612

**Gesamtfläch** | Superficie | 771 Ha

**Personal** | Personnel | 278

**Fraen** | Femmes | 155

**Männer** | Hommes | 123



### Éditeur responsable

Gemeng Schëffleng



### Rédaction

Service des citoyens et de la communication



### Images et Illustrations

SCC, Tom di Maggio, Noëllia Garcia, Laurent Sturm, Laurent Usai, Arlette Wagner, KlimaPakt, MECB / PANCAKE! Photographie, Bustin



### Layout, Conception

**MOSKITO** et Gemeng Schëffleng



### Impression

Imprimerie Heintz



### Tirage

5 000 exemplaires

<b>Virwuert vum Buergermeeschter   Le mot du bourgmestre</b>	<b>04</b>
<b>Retrospektiv   Rétrospective</b>	<b>06</b>
Bamplanzaktioun fir déi Neigebuerer vun 2024   Plantation d'arbre pour les nouveaux-nés de 2024	07
Gaming Day	08
1. Mee-Feier   Fête du 1er mai	09
Kulturfest   Fête des cultures	10
Flex Carsharing: 2 nei Statiounen   Flex Carsharing - 2 nouvelles stations	12
Bamplanzaktioun mam LGK   Plantation d'arbres avec le LGK	13
IDAHOBIT	14
Faire Frühstück   Petit-déjeuner équitable	15
Straussefeier vum neie Gemengenatelier   Fête du bouquet du nouvel atelier communal	16
Empfang zur Eier vum Laura Thorn   Réception en l'honneur de Laura Thorn	17
Coupe scolaire	18
Aweigung vum neien Office social   Inauguration du nouvel Office social	19
Klimapakt-Dag 2025   Journée Pacte Climat 2025	20
Nuit du Sport 2025	21
Exzellenz-Zertifikat „Drëpsi“   Certificat d'excellence « Drëpsi »	23
Akademesch Sëtzung   Séance Académique	24
Schëfflenger Fest 2025	25
<b>Neiegkeeten   Nouveautés</b>	<b>27</b>
Wusst Dir schonn datt...?   Saviez-vous que ...?	28
Bildungslandschaft   Paysage éducatif	29
Foto Concours   Concours photo	31
<b>Save the date</b>	<b>32</b>
Save the Date Club Haus beim Kiosk	34
Summer am Teranga   L'été chez Teranga	37
<b>Verschiddenes   Divers</b>	<b>38</b>
Youth - Rubrik Jugend	39
📄 Info	45
Primen, Subventiounen a Formulairen   Primes, subventions et formulaires	47
<b>Gemengerotssëtzungen   Réunions du conseil communal</b>	<b>50</b>



## Paul Weimerskirch

Buergermeeschter | Bourgmestre

**LU** – Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Mat dësem Schreiwe soen ech Merci a Bonne Chance.

No bal 28 Joer am Gemengerot, dovunner gutt sechs Joer Schaffen an déi lescht aacht Joer Buergermeeschter, wäert ech ab dem 1. August vu menge Mandater an der Gemeng zerécktrieden.

Et wor mir eng Eier a Freed, zesumme mat anere Kolleeginnen a Kolleegen, sief et als Conseilleren am Gemengerot, als Schaffen a Buergermeeschter am Schäfferot Responsabilitéit fir Schëffleng ze assuméieren, wuel wëssend, datt net alles richteg, awer och net alles falsch gelaf ass. Meng Aufgaben hunn ech ëmmer versicht no beschtem Wëssen a Kënnen - mat âme et conscience – ze erfëllen, ze leeschten an ze meeschteren.

Allerdéngs ass de Buergermeeschter net d'Gemeng. Et si vill engagéiert Mataarbechterinnen, déi eis Gemeng um Liewen halen.

Eis Femmes de Charges, eis Jongen a Meedercher am Service Régie, eis Beamten a Fonctionnaires a vill anerer. Och d'Kollegen-innen aus dem Gemengerot, ob an der Majoritéit oder an der Oppositoun, halen eis Gemeng um Rullen, an dat zesumme mat eise Léierinnen a Schoulmeeschter, Educateurs-ricen an de Crèchen, Maison Relais a Schoulen. Gläiches zielt fir eis Police, eis fräiwëlleg Pompjeeën, eis Veräiner a vill aner Servicer, déi direkt an indirekt mat der Gemeng zesumme schaffen.

Hinnen all wëll ech e grouse MERCI soe fir all Loyalitéit, all Oppenheet, fir all Zesummenaarbecht an all Déngscht um Bierger an doriwwer eraus, dat alles am Intressi vun eiser Gemeng.

- Schëffleng – eng convivial Gemeng mat Awunnerinnen, déi sech engagéieren an der Gesellschaft, an de Veräiner fir Sport a Kultur, fir flott Fräizäitaktivitéiten – Merci fir dëst aktiivt Matmaachen!
- Schëffleng - eng kleng an awer grouss Gemeng, net aarm, awer och net räich – mir sinn deemno mat eise Finanzen verantwortlech, virsichteg an nohalteg ëmgaangen.
- Schëffleng - eng Gesellschaft vun der Solidaritéit, vum Engagement, vum Mateneen, vum Vivre-ensemble a vun der Nohaltegkeet, wou Klima-, Natur- an Ëmweltschutz net just um Pabeier steet. Eis europäesch an national Auszeechnunge sinn net gestuel, mee den Ausdrock vun dem Wëllen an dem Versteesdemech vun eise Biergerinnen.

Schëffleng eng Gemeng, wou et sech gutt lieve léisst - wou natierlech ëmmer nees nei Erausforderungen ze meeschtere sinn, wou sécherlech nei Projete fir Liewes- a Wunnqualitéit unzepake sinn! Villes ass um Rullen - trotz COVID-Pandemie, trotz Ukrainkrich, trotz schwierigen Zäiten, déi sech ofzeechen.

Ech sinn iwwezeegt, datt déi erneiert Equipe ronderëm den zukünftege Buergermeeschter Carlo Feiereisen, dës Aufgaben an Obligatiounen resolut ugeet an alles ënnerhëlt fir am Intressi vun eiser Gemeng ze schaffen. Ech wënschen dem Team aus dem Schaffen- a Gemengerot all Guddes a Bonne Chance.

Dem Kolleeg Carlo wënschen ech eng glécklech a roueg Hand bei enger net ëmmer einfacher, awer flotter a spannender Aufgab. Den Ofschloss-Merci geet un lech all, allerdéngs besonnesch u meng Fra d'Gerty a meng Famill. Merci fir all Zesummenaarbecht, all Hëllef a Vertrauen, fir all Versteesdemech a Freed.

Mat Respekt fir jidder Eenzelen a vun Häerze Merci.

**FR** — Chères concitoyennes, chers concitoyens,

Par cette préface, je tiens à vous dire merci et à vous souhaiter bonne chance.

Après presque 28 ans au conseil communal, dont un peu plus de six ans en tant qu'échevin et les huit dernières années comme bourgmestre, je vais démissionner de mes mandats communaux à partir du 1er août.

Ce fut pour moi un honneur et une joie d'assumer, avec d'autres collègues – que ce soit en tant que conseiller communal, échevin ou bourgmestre au sein du collège échevinal – des responsabilités pour Schiffflange, en étant bien conscient que tout n'a pas été parfait, mais que tout n'a pas été mauvais non plus. J'ai toujours essayé d'accomplir mes tâches du mieux que je pouvais – avec âme et conscience – de les remplir, de les assumer et de les maîtriser.

Cependant, le bourgmestre n'est pas la commune à lui seul. Ce sont tant de collaboratrices et collaborateurs engagé·e·s qui font vivre notre commune.

Nos femmes de charges, nos jeunes hommes et femmes des services techniques, nos employé·e·s et fonctionnaires, et bien d'autres encore. Les collègues du conseil communal, qu'ils·elles soient dans la majorité ou dans l'opposition, font également avancer notre commune, aux côtés de nos institutrices et instituteurs, éducateurs et éducatrices dans les crèches, les maisons relais et les écoles. Il en va de même pour notre police, nos pompiers volontaires, nos associations et de nombreux autres services qui collaborent directement ou indirectement avec la commune.

À toutes et tous, je tiens à adresser un grand MERCI pour leur loyauté, leur ouverture, leur collaboration et leur engagement au service des citoyen·ne·s et bien au-delà, toujours dans l'intérêt de notre commune.

- Schiffflange – une commune conviviale, avec des habitant·e·s engagé·e·s dans la société, dans les

associations sportives et culturelles, dans des activités de loisirs enrichissantes – merci pour cette participation active ;

- Schiffflange – une petite commune, mais grande par son esprit, ni pauvre, ni riche – nous avons donc géré nos finances de manière responsable, prudente et durable ;
- Schiffflange – une société de solidarité, d'engagement, de vivre-ensemble et de durabilité, où la protection du climat, de la nature et de l'environnement ne reste pas que sur le papier. Nos distinctions européennes et nationales ne sont pas usurpées, mais bien l'expression de la volonté et de la compréhension de nos citoyen·ne·s.

Schiffflange, une commune où il fait bon vivre – où, bien sûr, de nouveaux défis restent toujours à relever, où de nouveaux projets pour améliorer la qualité de vie et de logement devront être entrepris. Beaucoup de choses sont en marche – malgré la pandémie du COVID, malgré la guerre en Ukraine, malgré les temps difficiles qui s'annoncent.

Je suis convaincu que la nouvelle équipe autour du futur bourgmestre Carlo Feiereisen abordera ces tâches et responsabilités avec détermination et mettra tout en œuvre pour œuvrer dans l'intérêt de notre commune. Je souhaite à l'équipe du collège échevinal et du conseil communal plein succès et bonne chance.

À mon collègue Carlo, je lui souhaite une main heureuse et sereine dans une mission qui n'est pas toujours facile, mais passionnante et enrichissante.

Un dernier merci vous est adressé à toutes et à tous, mais tout particulièrement à mon épouse Gerty et à ma famille. Merci pour toute la collaboration, toute l'aide et la confiance, pour toute la compréhension et la joie partagée.

Avec respect pour chacune et un merci du fond du cœur.



# Retro- spektiv

---

**LU**— An dëser drëtter Editioun vum Joer werfe mir zesummen e Bléck op déi spannend Evenementer an traditionell Rendez-vousen déi eis Gemeng an de leschte Méint a Woche gepräägt hunn. Mat Spannung freeë mir eis awer och op dat wat eis an den nächste Méint erwaart.

**FR**— Dans cette troisième édition de l'année, nous vous proposons une rétrospective des événements significatifs des semaines et mois passés. Ensemble, célébrons les instants qui ont embelli notre vie locale.



**26.04.2025**

## Bamplanzaktioun fir déi Neigebuere vun 2024

**Plantation d'arbre pour les nouveaux-nés de 2024**



**LU**—De 26. Abrëll huet d'Gemeng Schëffleng déi Neigebuere Kanner vun 2024 an hir Familljen op hir traditionell Bamplanzaktioun agelueden. D'Event huet op der Spillplaz an der Cité Émile Mayrisch stattfont an et gouf symbolesch fir all d'Kanner vun 2024 ee Bam geplanzt: eng Roteiche (*Quercus rubra*).

2024 si ronn 125 Schëfflenger Kanner gebuer ginn a 34 Famillje sinn dem Opruff nokomm fir zesummen e flotte Moien ze verbréngen. Zum Schluss, konnten d'Familljen nach Vullenhaiserscher, Sträicher oder Lunchboxe mathuelen.

Den Naturschutz ass een Thema dat der Gemeng Schëffleng um Häerz läit a wou och d'Bierger-innen reegelméisseg aktiv mat agebonne ginn. Hinnen e grouse Merci!



**FR**—Le 26 avril, la Commune de Schifflange a invité les nouveaux-nés de 2024 et leurs familles à sa traditionnelle cérémonie de plantation d'arbres. L'événement s'est déroulé sur l'aire de jeux de la Cité Émile Mayrisch et un chêne rouge (*Quercus rubra*) a été symboliquement planté pour les nouveaux-nés.

En 2024, environ 125 enfants sont nés à Schifflange et 34 familles ont répondu à l'appel pour passer une belle matinée ensemble. À la fin, les familles ont pu emporter avec elles des nichoirs, des arbustes ou des boîtes à tartines.

La protection de la nature est un sujet qui tient à cœur à la Commune de Schifflange et dans lequel les citoyen·nes sont activement impliqués. Merci beaucoup !

# Gaming Day

**16.04.2025**

**LU**—De 26. Abrëll huet d'Gemeng Schëffleng an Zesummenaarbecht mat der Jugendkommissioun vu Schëffleng an der Luxembourg Esports Federation (LESF) op déi 4. Editioun vum Gaming Day an den Hall Polyvalent zu Schëffleng invitéiert. Vun Expert·inn·en déi u groussen Turnéier Deel geholl hu bis zu Debutant·inn·en déi eppes Neies entdecker wollten, war fir jiddereen eppes dobäi. Vu Gesellschaftsspiller iwver Retrosfiller bis hin zu den neitsten techneschen Highlights. D'Visiteur·se konnten eng Panoplie un neien Entdeckunge maachen.

Gutt 600 Leit hunn de Wee op Schëffleng fonnt, vu ganz Jonk bis bëssi manner Jonk huet jidderee begeeschtert matgemaach, sief et beim beléifte Fifa Turnéier oder beim grouse Quiz.

A Präsenz vun de Vertrieeder vum Gemengerot an der Jugendkommissioun sinn dann zum Schluss vun engem spannendem Dag d'Präisser iwverreecht ginn.



**FR**—Le 26 avril, la Commune de Schifflange, en collaboration avec la commission des jeunes de Schifflange et la Luxembourg Esports Federation (LESF), a invité à la 4e édition du Gaming Day, qui s'est tenue au Hall Polyvalent de Schifflange. D'expert·e·s participant à de grands tournois jusqu'aux débutant·e·s curieux·ses de découvrir quelque chose de nouveau, il y avait de quoi plaire à chacun·e. De jeux de société aux jeux rétro, en passant par les dernières avancées technologiques, les visiteur·se·s ont pu explorer une grande variété de nouveautés.

Près de 600 personnes ont fait le déplacement à Schifflange. Du·De la plus jeune au/à la moins jeune, chacun·e a participé avec enthousiasme, que ce soit au tournoi très prisé de FIFA ou au grand quiz.

En présence des représentant·e·s du conseil communal et de la commission des jeunes, les prix ont été remis à la fin d'une journée palpitante.



Fotogalerie  
Galerie photo

# 1. Mee-Feier

Fête du 1<sup>er</sup> mai

30.04.2025

**LU**— Wéi all Joer huet d'Amicale Schëfflenger Schmelzaarbechter Asbl den 30. Abrëll op hir 1. Mee-Virfeier invitéiert.

Beim Gedenksteen an der "Cité um Benn" si Blummen néiergeluecht ginn an an hiren Usproochen hunn den Här Paul Weimerskirch (Buergermeeschter), den Här Alain Günther (Schmelzaarbechter Musée), den Här Andrea Spigarelli (OGBL), den Här Georges Conter (LCGB) an den Här Yves Biver (AGORA) den Aarbechter geduecht unni därer Fläiss a Schweess eist Land net dat wär wat et ass. Dofir huet all eenzele Schmelzaarbechter eisen déifste Respekt verdéngt.



**FR**— Comme chaque année, l'Amicale Schëfflenger Schmelzaarbechter Asbl a invité le 30 avril à sa fête du 1<sup>er</sup> mai.

Des fleurs ont été déposées à la stèle commémorative dans la « Cité um Benn » et dans leurs allocutions, Monsieur Paul Weimerskirch (Bourgmestre), Monsieur Alain Günther (Schmelzaarbechter Musée), Monsieur Andrea Spigarelli (OGBL), Monsieur Georges Conter (LCGB) et Monsieur Yves Biver (AGORA) ont rendu hommage aux travailleurs sans lesquels notre pays ne serait pas ce qu'il est aujourd'hui.

# Kulturfest

## Fête des cultures

9.05.2025



**LU**—D'Gemeng Schëffleng huet den 9. Mee op en neits d'Diversitéit an déi verschidde Kulturen op hirem traditionelle Kulturfest gefeiert.

Op engem sonnegen Europadag hunn de Buergermeeschter Paul Weimerskirch an den Här Yves Marchi, President vun der Kommissioun fir Interkulturellt Zesummeliewen, d'Feierlechkeeten offiziell an der Präsenz vun de Membere vum Gemengerot an der Kommissioun gestart. Ab 11:00 Auer konnten d'Visiteuren op der Fräiheitsplaz an am Schëfflenger Haff eng breet Gamm u Kulturen an Natiounen entdecken. Déi faarweg an artistesch Opféierungen hunn de Publikum begeeschtert an zum danze bruecht. De ganzen Dag iwwee konnten een international kulinaresch Spezialitéite genéissen.

A senger Ried huet eise Buergermeeschter de Martin Luther King zitéiert: „Mir musse léieren zesummen ze liewe wéi Bridder, soss gi mir all als Gecken zesummen ënner.“ D'Schëfflenger Kulturfest steet fir eng multikulturell an oppe Gesellschaft, déi eis Gemeng ausmécht.

Mir wëlle virun allem der Kommissioun fir interkulturellt Zesummeliewe Merci soen, awer och all Kënschtler-innen, lokal Associatiounen, Gemenge-Mataarbechter-innen a Visiteuren-se häerzlech Merci soen. Dir hutt dozou bäigedroen, datt dësen Europadag e grouesse Succès fir jidderee war.



Fotogalerie  
Galerie photo



**FR** — La Commune de Schifflange a célébré une fois de plus, le 9 mai, la diversité et les différentes cultures lors de sa traditionnelle fête des cultures.

Par une belle journée ensoleillée dédiée à l'Europe, le bourgmestre Paul Weimerskirch et M. Yves Marchi, président de la Commission pour le vivre-ensemble interculturel, ont officiellement lancé les festivités en présence des membres du conseil communal et de la commission. Dès 11:00 heures, les visiteur·es ont pu découvrir, sur la Place de la Liberté et dans la cour du Schëfflenger Haff, une grande variété de cultures et de nations. Les performances artistiques et hautes en couleur ont enchanté le public et l'ont invité à danser. Tout au long de la journée, ils ont pu savourer des spécialités culinaires internationales.

Dans son discours, le bourgmestre a cité Martin Luther King : « Nous devons apprendre à vivre ensemble comme des frères, sinon nous allons mourir tous ensemble comme des idiots, des fous ... » La Fête des Cultures de Schifflange reflète une société multiculturelle et ouverte, une valeur chère à notre commune.

Nous tenons à remercier chaleureusement la commission du vivre-ensemble interculturel, ainsi que les artistes, les associations locales, les collaborateurs·rices communaux et communales et visiteurs·ses qui ont contribué à faire de cette Journée de l'Europe un succès pour tou·tes.



# Flex Carsharing by CFL Mobility

**12.05.2025**



**LU**—D'Gemeng Schëffleng huet den 12. Mee zwou nei Flex Carsharing-Stationen ageweit, sou datt d'Biergerinnen elo op insgesamt dräi Stationen zeréckgräife kënnen. Nieft der Statioun virun der Nelly Stein Schoul fannt Dir elo och eng Statioun op der Place Grande-Duchesse Charlotte an eng weider am Quartier Op Hudelen.

Bei dëser Aweigung war de Buergermeeschter Paul Weimerskirch an der Begleedung vu verschiddene Membere vun der Gemeng a Vertrieederinnen vun CFL Mobility SA präsent. A senger Ried huet de Buergermeeschter d'Virdeeler vum Carsharing ervirgehuewen, besonnesch säi positiven Impakt op d'Ëmwelt, an seng Freed iwver den dauerhaften Ausbau vum Reseau zu Schëffleng ausgedréckt.

**FR**—La Commune de Schiffange a inauguré le 12 mai deux nouvelles stations Flex Carsharing, portant à trois le nombre total de stations disponibles. Aux côtés de celle située devant l'école Nelly Stein, s'ajoutent désormais une station sur la Place Grande-Duchesse Charlotte et une autre dans le quartier Op Hudelen.

Lors de cette inauguration, le bourgmestre Paul Weimerskirch était accompagné de plusieurs membres du conseil communal, d'agents de la commune et de représentants de CFL Mobility SA. Dans son discours, il a mis en avant les atouts du carsharing, notamment son impact positif sur l'environnement, et s'est réjoui de l'extension continue du réseau à Schiffange.





# Bamplanzaktioun mam LGK

## Plantation d'arbres avec le LGK

**13.05.2025**

**LU**—Den 13. Mee 2025 war e besonneschen Dag fir eng Grupp Schüler aus dem Lycée Guillaume Kroll vun Esch-Uelzecht. Bei der Bamplanzaktioun waren 48 Schüler:innen an 3 Enseignantë mat vill Asaz an Enthusiasmus zu Schëffleng dobäi.

Mat der Ënnerstëtzung vu Mon Jardin goufen insgesamt 12 Beem (Metasequoia) geplanzt – eng wichteg Initiativ fir eis Ëmwelt a Schoulgemeinschaft. Dës Aktioun war net nëmmen e symbolesche Geste fir méi Gréngs ze schafen, mä och eng konkret Hëllef fir d'Natur.

Als Deel vun dëser Initiativ huet den LGK am Numm vun der Gemeng fir all geplanzte Bam 100 Euro un d'Organisatioun Rainforest gespent, fir esou aktiv zum Erhale vun tropesche Bëscher weltwäit bäizedroen.

**FR**—Le 13 mai 2025 fut une journée spéciale pour le Lycée Guillaume Kroll d'Esch-sur-Alzette. L'événement de plantation d'arbres a réuni 48 élèves et 3 enseignants à Schiffflange, tou:tes invest:es avec enthousiasme.

Avec le soutien de Mon Jardin un total de 12 arbres (Metasequoia) ont été plantés – une initiative importante pour l'environnement et la communauté scolaire. Cette action n'est pas seulement un geste symbolique pour un cadre plus verdoyant, mais également une contribution concrète à la préservation de la nature.

Dans le cadre de cette initiative, le LGK a fait un don de 100 euros par arbre planté à l'organisation Rainforest au nom de la Commune de Schiffflange, contribuant ainsi activement à la conservation des forêts tropicales à l'échelle mondiale.



# IDAHOBIT

**15.05.2025**



**AMCIS - Video  
Reportage**

**LU** De 15. Mee 2025 huet d'Schëfflenger Jugendhaus an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Schëffleng, en Nomëtteg fir Toleranz a Respekt am Kader vum Internationalen Dag géint Homophobie, Biphobie an Transphobie (IDAHOBIT) organiséiert.

Dëst Evenement huet de Visiteure:se flott Aktivitéite gebueden, déi si zum Nodenke bruecht hunn: an Zesummenaarbecht mat der Kënschtlerin Chiara Morette gouf e Kreativ-Atelier zum Thema Diversitéit ugebueden, deen de Participant:inn-en d'Méiglechkeet ginn huet, hir Kreativitéit auszudrëcken a sech mat wichtige Themen ausernee ze setzen.

Sur Place war och, en Informationsstand vum Planning Familial, wou d'Visiteure:se sech iwwert wichtige Themen am Zesammenhang mat Gesondheet a Sexualitéit informéiere konnten an et goufen Zeienaussoe vu Leit, déi Diskriminatioun erlieft hunn, gedeelt. An Zesummenaarbecht mam Géisskan Kollektiv ass dann och e Poetry Slam organiséiert ginn, hei hunn dräi jonk a kreativ Slamer:innen hir eege Gedichter virgedroen.

Dësen Dag war eng wäertvoll Geleeënheet fir Sensibiliséierung an Austausch an zesumme konnt en Zeeche fir méi Gläichberechtigung a géint Diskriminatioun gesat ginn.

**FR** Le 15 mai 2025, la Maison des jeunes de Schifflange, en collaboration avec la Commune de Schifflange, a organisé un après-midi pour la tolérance et le respect dans le cadre de la Journée internationale contre l'homophobie, la biphobie et la transphobie (IDAHOBIT).

Cet événement a offert aux visiteurs:ses de belles activités qui les ont fait réfléchir : en collaboration avec l'artiste Chiara Morette, un atelier créatif sur le thème de la diversité a été proposé, qui a donné aux participant:e:s l'occasion d'exprimer leur créativité et de s'engager sur des questions importantes.

Sur place se trouvait également un stand d'information du Planning familial, où les visiteurs:ses ont pu s'informer sur des questions liées à la santé et à la sexualité et partager des témoignages de personnes ayant subi des discriminations. En collaboration avec le Géisskan Kollektiv, un slam de poésie a également été organisé, où trois jeunes slameurs:ses créatifs:ves ont interprété leurs propres poèmes.

Cette journée a été une occasion précieuse de sensibilisation et d'échange, et nous avons ensemble pu poser un signe pour plus d'égalité et contre les discriminations.



# Faire Früstück

## Petit-déjeuner équitable

**17.05.2025**

**LU** — D'Editioun 2025 vum Faire Früstück am Schëfflenger Haff war e groussen Erfolleg! De Samschdeg, de 17. Mee, huet d'fräiwëlleg Ekipp vum Fairtrade Team Schëffleng eng exzellent Aarbecht geleescht a fir e gemittlechen Event gesuergt.

Zum 10. Gebuertsdag vun der éischter Zertifikatioun vun der Gemeng Schëffleng als „Fairtrade Gemeng“ hu vill Gäscht sech ronderëm e leckere Buffet versammelt, mat Fairtrade-Produite wéi Kaffi, Téi, Jus, Croissanten, Brout, Gebeess, Schockela, Friichten an nach vill méi.

Nieft engem genossvolle Früstück haten d'Participant:innen d'Méiglechkeet, méi iwwer de fairen Handel ze léieren, bei engem pädagogesche Spill matzemaachen an eise Fairtrade-Kaffi ze kafen. Fir d'musikalesch Ambiance huet den Duo Les Pangies gesuergt.



**FR** — L'édition 2025 de notre petit-déjeuner équitable au Schëfflenger Haff a été un véritable succès ! Le samedi 17 mai, l'équipe bénévole du Fairtrade Team Schiffflange a accompli un travail remarquable pour offrir un événement convivial et gourmand.

À l'occasion du 10<sup>e</sup> anniversaire de la première certification de la Commune de Schiffflange en tant que « Fairtrade Gemeng », de nombreux visiteurs-ses se sont réunies autour d'un délicieux buffet, mettant à l'honneur des produits issus du commerce équitable : café, thé, jus, croissants, petits pains, confiture, chocolat, fruits et bien plus encore.

En plus de savourer un bon petit-déjeuner, les participant·es ont eu l'occasion d'en découvrir davantage sur le commerce équitable, de s'amuser avec un jeu pédagogique et même d'acheter notre café Fairtrade. La musique, assurée par le duo Les Pangies, a apporté une touche festive à cette matinée.



# Straussefeier vum neie Gemengenatelier

## Fête du bouquet du nouvel atelier communal

**23.05.2025**

**LU** — Den 23. Mee, huet de Gemengerot op d'Straussefeier vum neie Gemengenatelier agelueden. D'Event huet ënner der Präsenz vun de Vertrieber vun der Gemeng an de Projetspartner stattfonnt – e symbolesche Moment, deen eist Engagement fir eng nohalteg Zukunft zu Schëffleng ënnersträicht.

Dëse Projet, deen am Oktober 2024 ugefaangen huet, erméiglecht den Ausbau an d'Moderniséierung vum Atelier a schaaft méi Raum fir Material a Personal. Esou ka schnell op déi aktuell an zukünfteg Besoine vun de Biergerinne reagéiert ginn. Dës nei Infrastruktur ass ganz am Sënn vun de Wäerter vun der Gemeng an am Respekt vun der Ëmwelt an de natierleche Ressourcen entworf ginn.



**FR** — Le 23 mai, le conseil communal a invité à la fête du bouquet du nouvel atelier communal. L'événement s'est déroulé en présence des représentants de la commune et des partenaires du projet – un moment symbolique qui souligne notre engagement pour un avenir durable à Schifflange.

Ce projet, qui a débuté en octobre 2024, permet l'extension et la modernisation de l'atelier, créant ainsi plus d'espace pour le matériel et le personnel. De cette manière, il sera possible de répondre plus efficacement aux besoins actuels et futurs des citoyennes et des citoyens. Cette nouvelle infrastructure a été conçue dans le respect des valeurs de la commune, de l'environnement et des ressources naturelles.



# Empfang zur Eier vum Laura Thorn

## Réception en l'honneur de Laura Thorn

4.06.2025



**FR** — Le 4 juin 2025, la Commune de Schiffflange a célébré Laura Thorn, artiste talentueuse et fière représentante du Luxembourg à l'Eurovision Song Contest à Bâle, en Suisse.

Laura, originaire de Schiffflange, a marqué le concours par sa prestation exceptionnelle en mai dernier, captivant le public avec son énergie et son charisme. Afin de souligner cet exploit, une cérémonie en son honneur a eu lieu au Schëfflenger Korschthaus, réunissant le conseil communal, plusieurs acteurs locaux, ainsi que ses proches, ses amies et un ses danseurs.

La Commune de Schiffflange est fière de voir une enfant de Schiffflange évoluer en une artiste accomplie et prometteuse. Cet événement a été un moment de reconnaissance et de partage, mettant en avant la réussite d'une femme qui inspire et porte haut les couleurs du Luxembourg.

Félicitations à Laura Thorn pour son parcours remarquable !

**LU** — De 4. Juni 2025 huet d'Gemeng Schëffleng d'Laura Thorn gefeiert, eng talentéiert Kënschtlerin a stolz Representantin vu Lëtzebuerg beim Eurovision Song Contest zu Basel, an der Schwäiz.

D'Laura, gebierteg vu Schëffleng, huet de Concours mat senger aussergewöhnlecher Leeschtung am Mee gepräagt an de Publikum mat senger Energie a sengem Charisma verzaubert. Fir dësen Erfolleg ze ënnersträchen, gouf eng Zeremonie zu Éiere vum Laura am Schëfflenger Korschthaus organiséiert, wou de Gemengerot, verschidde lokal Acteuren, sou wéi dem Laura seng Frënn, Famill an ee vu sengen Dänzer zesumme koumen.

D'Gemeng Schëffleng ass houfreg ze gesinn, wéi ee jonkt Meedchen aus der Gemeng sech zu enger erfollegräicher a villversprechender Kënschtlerin entwéckelt huet. Dëst Event war e Moment vun Unerkennung an Austausch, deen d'Leeschtung vun enger inspiréierender Fra ënnersträicht déi d'Faarwe vu Lëtzebuerg mat Stolz vertrueden huet.

Felicitatioune fir d'Laura Thorn fir säi bemierkenswäerten Erfolleg!



# Coupe scolaire

**5.06.2025**



## **LU\_\_D'Kanner hunn um Vëlo gewise wat si kënnen**

De 5. Juni 2025, huet d'Coupe scolaire an de Stroosse vu Schëffleng mat deene prakteschen Übunge fir jonk Vëlosfuerer aus dem Cycle 4 statt fonnt.

D'Schoulkanner hunn hiert Bescht ginn an hiert Wëssen op de Stroossen bewisen.

## **FR\_\_Les enfants on démontré leur savoir à vélo**

Le 5 juin 2025, la Coupe scolaire a de nouveau eu lieu dans les rues de Schifflange, avec des exercices pratiques pour les jeunes cyclistes du Cycle 4.

Les élèves ont donné le meilleur d'eux-mêmes et ont démontré leurs connaissances sur la route.

# Inauguration du nouvel Office social

## Aweiung vum neien Office social

**5.06.2025**

**LU** — De Max Hahn, Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil zesumme mam Gemengerot, souwéi d'Representantë vum Office social vu Schëffleng, hunn de 5. Juni 2025 déi nei Raimlechkeete vum Office Social op 35 rue de l'Église ageweit.

Den neien Office ëmfaasst e moderniséiert Gebai mat Bureaue, Konferenzsall, souwéi eng fir jiddereen zougänglech Receptioun um Rez-de-Chaussée an e Gaart mat Vëlosstellplaz. D'Fassade vum alen Haus gouf erhalen, während den neien Deel mat Holzverkleedung, gréngem Daach a Solarpanneauen ausgestatt gouf, fir eng nohalteg an ästhetesch Architektur ze garantéieren.

Den Office social vu Schëffleng ass e wichtege Service fir d'Awunner-inne vun der Gemeng. Hei gëtt sozial Hëllef ugebueden a Leit ënnerstëtzt, déi finanziell oder sozial Schwieregkeeten hunn.



**FR** — Le 5 juin 2025, Max Hahn, ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil, ainsi que le conseil communal, et les représentants de l'Office social de Schifflange, ont inauguré les nouveaux locaux de l'Office social désormais situé au 35, rue de l'Église.

Le nouvel Office social comprend un bâtiment modernisé avec bureaux, salle de réunion ainsi qu'un accueil accessible au rez-de-chaussée et un jardin avec parking pour vélos. La façade de l'ancien bâtiment a été conservée, tandis que la nouvelle construction est habillée de bois, dotée d'un toit végétalisé et de panneaux solaires pour une architecture durable et esthétique.

L'Office social de Schifflange est un service essentiel pour les habitants de la Commune, offrant une aide sociale et un soutien aux personnes en difficulté financière ou sociale.



# Klimapakt- Dag 2025

## Journée Pacte Climat 2025

**6.06.2025**

**LU** — De 6. Juni war e wichtege Moment fir eis Gemeng: Schëffleng gouf um Klimapakt-Dag 2025 mam Gold Label ausgezeechent a Presenz vum Serge Wilmes, Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit – eng grouss Éierung an eng kloer Unerkennung fir eisen engagéierten Asaz am Klimaschutz.

D'Gemeng Schëffleng huet op dësem Dag fir 4. Kéier déi national Zertifizierung "Gold" kritt, als Symbol fir hiren exemplareschen Engagement a fir d'Erreeche vu méi wéi 75 % (79,6%) vun de méigleche Punkten aus dem Mesurëkatalog vum Klimapakt.

D'Gemeng muss sech all 3 Joer op en Neits bewiese fir dëse Status ze behalen. Et ass domat schonn déi 4. Kéier, datt mir dëse prestigiéise Label kréien – en dätlecht Zeechen, datt mir zesumme mat Ausdauer a Visioun un enger nohalteger Zukunft schaffen.



**FR** — Le 6 juin a marqué un moment important pour notre commune : Schifflange a été récompensée par le Label Or lors de la Journée Pacte Climat 2025, en présence de Serge Wilmes, ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité – un grand honneur et une reconnaissance claire de notre engagement exemplaire dans la protection du climat.

Ce jour-là, Schifflange a reçu pour la quatrième fois la certification nationale « Gold », symbole d'un engagement remarquable et de l'obtention de plus de 75 % (79,6 %) des points possibles dans le catalogue de mesures du Pacte Climat.

La commune doit se soumettre tous les trois ans à un audit afin de conserver ce statut. C'est donc déjà la 4<sup>e</sup> fois que nous recevons ce label prestigieux – un signe fort de notre persévérance et de notre vision commune d'un avenir plus durable.



# Nuit du Sport

## 2025

### 14.06.2025

**LU** — De 14. Juni 2025 huet zu Schëffleng d'Nuit du Sport stattfont. Mat iwwert 560 jonken a manner jonke Participant-inn-en, war d'Nuit du Sport ee richtege Succès. Trotz de héijen Temperature vu méi wéi 30°C hunn d'Leit sech net dovun ofhale gelooss, nei Sportarten ze probéieren an dat mat vill Freed a Motivation.

Déi grouss Diversitéit vu sportlechen Aktivitéiten huet garantéiert, datt fir jiddereen eppes dobäi war.

Mir wëllen och all deene Merci soen déi eng Hand mat ugepak hunn : eis Veräiner, de Gemengenatelier, d'Gemengepersonal, den SIT, d'Jugend- an d'Sportskommissiounen.

D'Nuit du Sport huet erëm gewisen, dass Sport net nëmmen eng Aktivitéit ass, mee e Liewensstil, dee Spaass mécht, zesummebréngt an nei Horizonter opmécht. Mir freeën eis schonns op déi nächst Editioun!





**FR** — Le 14 juin 2025, Schiffflange a vibré au rythme de la Nuit du Sport. Avec plus de 560 participant·e·s, de jeunes et moins jeunes, cet événement a été un véritable succès. Malgré les températures élevées dépassant les 30°C, les participant·e·s ont relevé le défi avec enthousiasme et motivation, explorant de nouvelles disciplines sportives.

La diversité des activités proposées a permis à chacun·e de trouver son bonheur, qu'il s'agisse de découvertes ludiques ou de défis physiques.

Un grand MERCI à tous ceux qui ont contribué à cette réussite : nos clubs, l'atelier communal, le personnel de la commune, le SIT, les commissions des jeunes, et des sports et loisirs. Leur engagement a été essentiel pour faire de cette édition un moment inoubliable.

La Nuit du Sport a une nouvelle fois démontré que le sport n'est pas seulement une activité physique, mais également un véritable mode de vie qui rassemble, procure du plaisir et ouvre de nouveaux horizons. Nous avons déjà hâte de vous retrouver pour la prochaine édition !



Fotogalerie  
Galerie photo

# Exzellenz-Zertifikat „Drëpsi“

## Certificat d'excellence « Drëpsi »

18.06.2025



**LU** Den 18. Juni gouf d'Gemeng Schëffleng mam Label Gold fir d'Qualitéit vun hirem Dréckwaasserreséau ausgezeechent a gehéiert domat zu de Laureaten 2025 vum Zertifikat „Drëpsi“. Dëse Label, deen duerch de Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit a Kollaboratioun mat der Administratioun de la gestion de l'eau vergi gött, erkennt d'Fournisseuren, déi eng beispillhaft Gestéioun vun hiren Infrastrukturen – vun der Quell bis bei d'Verdeelung – un. Dës Auszeechnung ënnerstréicht den dauerhaften Engagement vun der Gemeng fir eng sécher, nohalteg an héichwäerteg Dréckwaasserversuergung.

Dës Unerkennung kënn an engem nationale Kontext, wou Lëtzebuerg international positiv ervirstécht: Laut dem Clean Drinking Water Index läit d'Land mat engem Score vun 99,8 vun 100 un der Spëtzt, nieft Länner wéi Finnland, Däitschland a Schwäiz. Mat enger proaktiver Risikogestéioun a strenge Kontrollmechanismen dréit d'Gemeng Schëffleng aktiv zu dëser Exzellenz bäi – am Déngscht vun der ëffentlecher Gesondheet an dem Ëmweltschutz.

**FR** La Commune de Schiffange a été récompensée le 18 juin par le label « Gold » pour la qualité de son réseau d'eau potable, rejoignant ainsi les Lauréats 2025 du certificat « Drëpsi ». Ce label, décerné par le ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité en collaboration avec l'Administration de la gestion de l'eau, distingue les fournisseurs d'eau qui assurent une gestion exemplaire des infrastructures, de la ressource jusqu'à la distribution. Cette reconnaissance témoigne de l'engagement constant de la commune pour garantir une eau du robinet sûre, durable et conforme aux normes les plus strictes.

Cette distinction s'inscrit dans un contexte national remarquable : selon l'indice international Clean Drinking Water Index, le Luxembourg figure parmi les pays leaders mondiaux en matière de qualité de l'eau potable, avec un score exceptionnel de 99,8 sur 100. Grâce à une gestion proactive des risques et à des contrôles rigoureux, la Commune de Schiffange contribue activement à cette excellence, au service de la santé publique et de la protection de l'environnement.

# Akademesch Sëtzung

## Séance académique

**19.06.2025**



**LU**—Am Kader vum Nationalfeierdag huet d'Gemeng Schëffleng hir traditionell akademesch Sëtzung organiséiert.

De Buergermeeschter Paul Weimerskirch huet a senger Ried d'Biergerinnen, d'Éieregäscht, d'Veräinsdelegéiert souwéi d'Gemengerotsmemberen häerzlech begréisst. Hien huet ënnerstrach wéi wichteg et ass d'Eenheet an d'Solidaritéit vu Lëtzebuerg ze feieren, an huet och un déi vergaange Kämpf fir Fridden a sozial Gerechtegkeet, souwéi un den Engagement fir eng Zukunft vu Fräiheet an Onofhängegkeet an der Europäescher Unioun erënnert.

Mir soen och deene verschiddene Spriecher-inne Merci, déi den Owend zum Thema vum Zesummeliewen zu eppes Besonneschem gemaach hunn: der Madamm Eline Bleser, der Madamm Li Troes, dem Här Muhamed Coloman, dem Här Joe Hoffmann, dem Daniel Jordao, Archivendelegéiert fir d'Gemeng Schëffleng, dem Duo « Nova » fir dee super musikaleschen Encadrement, der Madamm Kany Touré fir hir Moderatioun an der AMCIS-Ekip fir hire Video.

D'Emotiounen koumen och net ze kuerz, well den Här Carlo Feiereisen, 1. Schäfte, zum Schluss de Mikro ergraff huet fir dem Paul Weimerskirch e grouse Merci auszesprieche fir seng ganz Zäit als « Buergermeeschter vun der conviviaalster Gemeng aus Lëtzebuerg » ze éieren.



Fotogalerie  
Galerie photo

**FR**— Dans le cadre de la Fête nationale, la Commune de Schifflange a organisé sa traditionnelle séance académique.

Le bourgmestre Paul Weimerskirch a chaleureusement accueilli les citoyen·nes, les invité·es d'honneur, les représentant·es des associations ainsi que les membres du conseil communal dans son discours. Il a souligné l'importance de célébrer l'unité et la solidarité du Luxembourg, tout en rappelant les luttes passées pour la paix et la justice sociale, ainsi que l'engagement pour un avenir de liberté et d'indépendance au sein de l'Union européenne.

Nous remercions également les différents intervenant·es qui ont contribué à faire de cette soirée un moment particulier autour du thème du vivre-ensemble : Madame Eline Bleser, Madame Li Troes, Monsieur Muhamed Coloman, Monsieur Joe Hoffmann, Monsieur Daniel Jordao, délégué à l'archivage pour la Commune de Schifflange, le duo « Nova » pour l'accompagnement musical, Madame Kany Touré pour la modération et l'équipe de l'AMCIS pour leur vidéo. Monsieur Carlo Feiereisen, 1<sup>er</sup> échevin a également su surprendre les visiteurs·ses et surtout le bourgmestre actuel avec son discours émouvant de remerciement adressé justement à ce dernier.



Video  
Reportage

# Schëfflenger Fest

**21. & 22.06.2025**



**LU** — Am Kader vun Nationalfeierdag ass d'Schëfflenger Fest ee feste Rendez-vous am Kalenner. Wat déi 20. Editioun wärend deenen 2 Deeg mat 19 musikaleschen an artisteschen Optrëtter a 19 Stänn ze bidden hat, gesitt Dir heidrënner an op eiser Websäit iwwert dem QR Code.



**FR** — Dans le cadre de la Fête nationale, le « Schëfflenger Fest » est un rendez-vous fixe dans le calendrier. Cette 20<sup>e</sup> édition avait beaucoup à offrir pendant ces 2 jours : 19 performances musicales et artistiques et 19 stands. Revivez les célébrations à travers les photos ici et sur notre site via le code QR sur notre site web.



Fotogalerie  
Galerie photo




Video  
Reportage



# Neieg- keeten

**LU**—Är exklusiv Informatiounsquell iwwert déi lescht Entwécklungen an eiser Gemeng. Mir halen lech au courant iwwert déi rezent Chantieren zu Schëffleng. Informatiounen, déi e wichtege Lien mat eiser Gemeng hunn, fannt Dir och hei.

**FR**—Votre source d'informations exclusive sur les développements les plus récents au sein de notre commune. Explorez cette section pour découvrir les chantiers en cours, ainsi que d'autres informations importantes liées à Schifflange.





## Wousst Dir schonn...

**LU**... datt de Biergerpakt eng eemoleg Chance bitt, fir aktiv um interkulturellen Zesummeliewen zu Lëtzebuerg deelzehuelen?

D'Aschreiwung ass fräiwëlleg a léisst lech d'Lëtzebuenger Sprooch, Traditiounen a Wäerter op eng spannend Aart a Weis entdecken. Ausserdeem hëlleft de Programm lech, nei Kontakter ze knëppen an Äert Versteedsdemech vun administrativen Demarchen ze verbessern.

Interesséiert? Profitéiert vun dëser Chance a gitt Deel vun dësem dynamesche Projet.

## Saviez-vous...

**FR**... que le Pacte citoyen offre une opportunité unique de participer activement au vivre-ensemble interculturel au Luxembourg ?

